



I. Deel : Gebaier am Iwwerbléck

Gebai "Précoce" & "Foyer scolaire"



Uspriechpartner Précoce :

Monique TROES-MICHELS

Coordinatrice du cycle 1

Tel. : 92 95 98 – 312

Uspriechpartner Foyer scolaire:

Nadine NOSBUSCH

Chargée de direction

Tel.: 92 95 98 - 500

Gebai "Précoce" a "Foyer scolaire"

5, Parc

L-9836 Hosingen

oder

SISPOLO

B.P. 12

L-9801 Hosingen

Central tél. : 92 95 98 - 200

Fax : 92 95 98 - 202



MICHELS Monique



NOSBUSCH Nadine



I.Deel : Gebaier am Iwwerbléck

Gebai "Préscolaire"



Uspriechpartner:

Monique TROES-MICHELS

Coordinatrice du cycle 1

Tel. : 92 95 98 – 312

Cycle 1

Gebai "Préscolaire"

4a, Parc

L-9836 Hosingen

oder

SISPOLO

B.P. 12

L-9801 Hosingen

Central tél. : 92 95 98 - 200

Fax : 92 95 98 - 202



MICHELS Monique



I.Deel : Gebaier am Iwwerbléck

Gebai "Primaire"



Uspriechpartner

Rosalinda NETTIS
Coordinatrice du cycle 2
Tel. : 92 95 98 – 210

Marina KIRSCH
Coordinatrice du cycle 3
Tel. : 92 95 98 – 222

Jérôme FRANZEN
Coordinateur du cycle 4
Tel.: 92 95 98 – 566

Cyclen 2-4

Gebai "Primaire"
4b, Parc
L-9836 Hosingen

oder

SISPOLO
B.P. 12
L-9801 Hosingen

Central tél. : 92 95 98 - 200
Fax : 92 95 98 - 202



Comité d'école "Primaire"

Uspriechpartner

Tim JUNKER

Président du comité d'école

Tel. : 92 95 98 – 562

Monique GROEFF

*Membre du comité d'école
(Cycle 1)*

Tel. : 92 95 98 – 310

Lynn DRAUT

*Membre du comité d'école
(Cycle 1)*

Tel. : 92 95 98 – 540

Stéphanie KEILEN

*Membre du comité d'école
(Cycle 1)*

Tel. : 92 95 98 – 200

Vicky DIEDERICH

*Membre du comité d'école
(Cycle 3)*

Tel. : 92 95 98 – 244

Manuela MEIS

*Membre du comité d'école
(Cycle 3)*

Tel. : 92 95 98 – 218

Joëlle WILTGEN

*Membre du comité d'école
(Cycle 4)*

Tel. : 92 95 98 - 508





Centre écologique



**Centre écologique et
touristique "Parc Housen"**

12, Parc
L-9836 Housen

Uspriechpartner

Pierre Gaertner

Tel.: 92 95 98 - 700

Fax: 92 95 98 – 701

GSM: 691 92 95 94

E-mail : centre.ecologique@sispolo.lu



Verkéiersgaart



Jardin de circulation régional "Parc Housen"

p.a. Centre scolaire et sportif
4b, Parc Housen
L-9836 Hosingen

oder

B.P. 12
L-9801 Hosingen

Uspriechpartner

Frank STORN

Responsable technique

Tel. : 92 95 98 - 203

GSM : 691 92 95 98





I. Deel : Gebaier am Iwwerbléck

Schwämm “Aqua Nat’Our”



« AquaNat’our »

1a, Parc
L-9836 Hosingen

Central tél. : 24 51 99 00

Email info@aquanatour.lu

Web: www.aquanatour.lu

Uspriechpartner

Christine MAILLIET

Chargée de Direction

Tel. : 24 51 99 00

E-mail: info@aquanatour.lu

Web: www.aquanatour.lu



2. Deel : Informatiounen iwwert d'Schoul

Alphabetesch Verzeechnes

Op deenen nächste Säite fannt Dir vun A bis Z déi wichtegst Informatiounen iwwert d'Grondschoul Parc Housen.

Hannen an der Annexe fannt Dir folgend

Dokumenter:

Annexe 1: Charta

Annexe 2: PRS

Annexe 3: Telefonsnummern

Annexe 4: CIS a PP-PPC-PPCI

Annexe 5: Budget

Annexe 6: Stonnepläng

Annexe 7: Formulairen

Annexe 8: Gutt ze wëssen

A

Aarbechtsgruppen (AG)
Accident
Accueil (Foyer)
AED (Defibrillator)
Airtramp
Aktuelles
Alarm
APEPH
Appui
Assistance sociale
Ateliers pédagogiques
Ausfluch

B

Badge
Bastelsall
Betreiung
Bibliothék
Bilan intermédiaire /Bilan de fin de cycle
Blo Këschte fir de Pabeier
Blog Pasrc Housen
Brëll
Budget
Bustransport

C

Cellule de concertation
Centre écologique
Charta
CIS
Classes vertes
Code
Comité d'école
Computer
Concertatioun
Coordinateurs de cycle

Cours d'accueil

D

Dokter

E

Eischt Hëllef Këscht
Elterevereinigung
Eltereversammlung
Elterevertreder
Entschëllegung
Equipe multiprofessionelle
Ersatz

F

Fax
Feele vum Léierpersonal
Feele vun engem Schüler
Feieralarm
Fëmmen
Fotoen
Foyer scolaire
Fräi Samschdeger
Fruit for school
Fundgrube

G

Ganzdagesbetreuung
Gebai

H

Handy
Hausaufgaben
Hausuerdnung
Homepage

I

lessen
Injektionen
Internet

J

Joeresplang

K

Kalenner
Kannerhaus am Wëldpark
Keess
Keng Schoul
Kichen
Klasseverdeelung
Konferenz
Kopiesmaschinn
Kraïd a Schwamm
Krankheeten

L

Lais
Lasep
Lehmuewen
Léierpersonal
Lift

M

Multisall
Musikinstrumenter
Musikschoul

N

NorTIC
Noutausgäng

O

Ofmelle vu Schüler

P

Pabeier
Parc-Housen-Fest
Parking
Pausen
Plastifizéiermaschinn
PP, PPC, PPCI
Printen
PRS

R

RESONORD
Reparaturen
Recycling

S

Schnéi
Schneidmaschinn
Schoulbus
Schoulbusbegleeder
Schoulfest
Schoulgesetz
Schoulzeitung
Schwämm
Science
Scolaria
Service socio-éducatif
Sms2citizen
Sortie pédagogique
Sportunterrecht
Stagiären
Stonnepläng
Surveillance

T

Terminkalenner

Turnhal

U

Umelle vun neie Schüler

V

Vakanzen

Verkéisersgaart

Video-Opnamen

A

Aarbechtsgruppen (AG)

An der Schoul besti verschidden Aarbechtsgruppen. D'Grënnung vun neien Aarbechtsgruppen (gebonnen un déi aktuell Bedierfnesser) ass méiglech, hir Opléisung (nom erfüllten Optrag) natierlech och. All Aarbechtsgrupp gëtt vun engem Member vum Schoulcomité, engem Coordinateur de Cycle oder engem Member vum Personal geleet.

Fir de Schoulufank gëtt eng Lëscht mat allen Aarbechtsgruppen opgestallt a verschéckt. Jee no Interessi kann een sech fir verschidden Aarbechtsgruppe mellen. Et muss ee sech mindestens engem "groussen" an engem "klengen" Aarbechtsgrupp uschléissen. Et engagéiert ee sech am Prinzip fir 3 Joer. Zäitpunkt vun der Neiopdeelung ass dee selwechte wéi dee vun der Neibildung vun den Teamer. Déi definitiv Aarbechtsgruppeverdeelung gëtt duerch de Comité festgeluecht.

Nodeems d'Lëscht opgestallt ass, gëtt se per E-mail un all Léierpersoun an Erzéierpersoun vum Foyer weidergeleet an op e puer Plazen an der Schoul opgehang.

Déi éischt Sëtzung gëtt vun dem jeeweilege Verantwortlechen aberuff. D'Terminer vun deenen nächste Sëtzunge ginn zesumme festgeluecht.

➔ Annexe: Plang Aarbechtsgruppen

Accident

Bäi engem Accident, wou d'Kand duerno een Dokter opgesicht huet, ass et ganz wichteg, d'Accident ze mellen. Dobäi soll ee folgend Démarchen anhalen :

- De Formulaire "Déclaration d'accident" ausfüllen
- D'Käertche mam Code vum Dokter bei den Elteren froen an op den Ziedel androen
- Bei folgende Punkten op der Déclaratioun w.e.g. ganz genau sinn:

4.03: Bsp : Bei engem verletzte Fanger genau soen wéi een an u wéi enger Hand

4.07: onbedéngt ausfüllen wann d' Kand d' Schoul verléisst während der Schoulzäit

4.08: ausfüllen, wéini d' Kand erëm zrëckkouw an d' Schoul. (de Saz "frühestens ab dem 8. Tag" ass ze vergiessen!!!)

Den Ziedel da beim Portier fir d'Sekretariat vum SISPOLO ofginn – spéitstens 1 Woch nom Accident!

➔ "Brëll"

Accueil (Foyer)

De Foyer scolaire bitt vu méindes bis freides vu 7:00 Auer moies en Accueil un.

D'Eltere kënnen hir Kanner aschreiwen andeems se eng Fiche am Foyer ausfüllen ("Fiche d'inscription pour l'offre d'une surveillance à partir de 7:00 heures du matin") a beim Foyer areecheen.

AED (Defibrillator)

An de Schoulgebaier an am Centre écologique hänkt jeeweils en AED (Defibrillator), deen am Noutfall soll benotzt ginn. Den Apparat gëtt engem déi néideg Instruktioune Punkt fir Punkt duerch, et kann een derbäi eigentlech kee Feeler maachen.

Net vergiessen : **112 uruffen ! Wann eng Ambulanz gebraucht gëtt, dann onbedéngt dem 112 soen, bei wéi ee Gebai déi Ambulanz soll kommen. Duerno och onbedéngt de Portier informéieren! D'Leit vum Service technique hëllef, d'Ambulanz op déi richteg Plaz ze dirigéieren.**

Airtramp

Am Sportkomplex (an der Turnhal) steet en Airtramp zur Verfügung. Viraussetzung fir d'Benotzen ass, datt déi verantwortlech Persoun eng Formatioun huet. Eng Umeldung beim Portier ass néideg, fir fräi Terminer ofzeklären a sech an enger Lëscht anzeden.

Am Fall vun technesche Problemer virum oder nom Benotze vum Airtramp onbedéngt dem Portier Bescheed ginn.

Aktuelles (Link H-P)

Aktuelles fënnt een op der Homepage vum SISPOLO ënnert der Rubrik "Agenda".

➔ www.sispolo.lu

Alarm

Bei verschidde Gebaier geet een Alarm un, wann ee moies als éischten d'Dir opmécht: Haaptentrée vum Foyersgebai, Précocegebai an dat neit Spillschoulsgebai. Wann een an d'Gebai erageet an ee Piipstoun héiert, muss een den Alarm mam Code ausschalten. De Code kann ee beim Portier nofroen. Wann den Alarm trotzdem ausgeléist gouf, da rufft dem Portier un (691-929598). Och wann een den Alarm mam Code ausgeschalt krut, da sot dem Portier awer Bescheed, datt dir den Alarm ausgeléist hat.

APEPH (Association des Parents d'Élèves du Centre scolaire régional du Parc Hosingen)

- ◆ Ass eng ASBL vu fräiwëllegen Eltere vun de Schoulkanner aus dem Parc Housen
- ◆ Hëlleft schaffe bei Aktivitéite vun der Schoul
- ◆ Organiséiert Séminairen fir d'Elteren a Fester fir d'ganz Famill
- ◆ Bitt finanziell Ënnerstëtzung fir de Centre scolaire Parc Housen
- ◆ Hält Kontakt mat der FAPEL (=Fédération des Associations des Parents d'Élèves du Luxembourg)

Appui

Appuistonne musse vun all Léierpersoun gehale ginn. Bei enger voller 'Tâche' sinn dat 54 Stonne pro Joer (1,5 Stonne pro Schoulwoch).

Schüler kënnen hei eenzel, a kleng Gruppen oder am Klasseverband betreit ginn.

Dëst kann an de Sprangstonnen oder beispillsweis vun 13.15-14.15 Auer geschéien. Wann d'Appuistonnen ausserhalb vun deene reguläre Schoulstonnen stattfannen, soll schrëftlech festgehale ginn, datt d'Eltere vun deene betraffene Kanner averstane sinn.

E Relevé vun den Appuistonnen ass all Trimester beim President vum Schoulcomité ofzeginn, deen dëse Relevé un de Bureau régional weiterleet.

Assistance sociale

Lynn Gales

Tel : +352 621 209 074

Fax : +352 92 13 68

lynn.gales@ligue.lu

D'Missioun vun der Assistante sociale ass duerch d'Gesetz vun 1987 wéi follegt festgehal :

Mission de l'assistant(e) social(e)

L'art. 4 de la loi du 2 décembre 1987 stipule que la médecine scolaire a pour objet de collaborer aux tâches sociales en étroite liaison avec :

- les enseignants
- les services spécialisés de l'Education nationale
- les équipes multi-professionnelles
- les commissions d'inclusion scolaire
- les commissions scolaires

en établissant un diagnostic ou bilan social de l'élève en cas de besoin, en assurant le suivi et en assistant, le cas échéant, l'enfant, afin qu'il puisse bénéficier effectivement des mesures proposées.

Permanence am Gebai: 1 Mol am Mount donneschdes vun 9-10 Auer am Bureau am ronne Gebai um 1. Stack.

Ateliers pédagogiques

Während dem Schouljoer kënnen Atelieren (Aktivitéiten am Nomëtten) ugebuede ginn. Dës sollen am Ufank vum Schouljoer mam SISPOLO a mam Foyer scolaire iwwert d'Cellule de concertation ofgeschwat ginn.

Souwuel d'Leit aus dem Foyer wéi och d'Léierpersonal kënnen esou Atelieren ubidden.

➔ Cellule de concertation

Ausflug/Sortie pédagogique

De Budget vun all Team begräift och Ausflugskäschten (X€ fir all Kand). Mat dëse Suen kënnen Ausfluch oder aner Sortien am In- an och am Ausland organiséiert ginn.

D'Team këmmert sech selwer em d'Organisatioun vum Ausflug. Déi responsabel Léierpersoun vum Team mécht eng Demande beim SISPOLO an och beim zoustännegen Inspekter. Zu dëser Demande gehéieren dräi Formularen:

- Formulaire fir e Bus unzufroen.
- Formulaire fir de Schoulausflug/d'Sortie pédagogique accordéiert ze kréien. (Dëse Formulaire gëtt op der Directioun eragereecht. De President vum Schoulcomité kritt eng Kopie).

- Formulaire fir eng Versécherung unzufroen.

➔ www.sispolo.lu ënnen Dokumenter

➔ Annexe

Wann den Ausfluch accordéiert ass, ass et um SISPOLO fir enger Busgesellschaft, déi bei hinnen ënnen Vertrag ass, den Optrag ze ginn, dat concernéiert Team op hir Destinatioun an och zeréck ze féieren. De SISPOLO schéckt eng Confirmatioun un déi betreffen Teamer, wann de Bus reservéiert ass.

Gëtt den Ausfluch vun méi Teamer organiséiert, da ginn d'Transportkäschen op déi bedeelegt Teamer opgedeelt. D'Teamer solle selwer derfir Suerg droen, datt d'Budgetkäschen net iwwerschratt ginn (soss gëtt den Ausfluch eventuell net accordéiert).

Am Fall wou de Budget een eventuelle Bustransport net erlaabt, kann awer och op d'frëndlech Hëllef vun Elteren zrëckgegraff ginn (Participation aux frais).

D'Méiglechkeet besteet fir zousätzlech Begleetpersounen matzehuelen. Dës müssen am Virfeld ugemellt ginn, datt och si verséichert ginn (Formulaire F3).

Wa Begleetpersounen matgeholl ginn, ass dat bénévolé an et si keng extra Sue virgesinn, fir déi Leit ze bezuelen. Et ass och méiglech eng Demande beim Foyer ze maachen, datt e Member vum Erzieherpersonal matgeet (Conditounen an der Annexe).

B

Badge

Wann een ausserhalb vun de Schoulstonnen an ee Gebai vum Schoulkomples wëll, brauch een e Badge. Dëse kritt ee beim Portier, nodeems een eng Déclaratioun ausgefëllt an ënnerschriwwen huet, datt een de Badge krut.

D'Diere vun de Gebaier vum Précocé, vum ronnen a vun der Spillschoul sinn och während de Schoulstonnen zou. Opgepasst, hei brauch een also dee ganze Moien ee Badge fir eranzekommen (z.B. wann een an d'Kiche kache geet).

Vun 21:00 Auer un ass d'Schoul zou an den Alarm aktivéiert. Da kënnt een net méi an d'Schoul eran.

Wann ee mat der Klass schwamme geet, brauch een ee Badge fir zu der Entrée vun de Schoulvestiaires eran ze kommen. Jiddereen dee schwamme geet huet ee Badge, deen e sech mat anere Klassen deelt, déi di selwecht Zäit schwamme ginn.

Bastelsall

2 Bastelsäll stinn dem Léierpersonal zur Verfügung, een am Haaptgebai an een am Foyersgebai. Am Ufank vum Joer gëtt ee Plang opgestallt fir d'Benotze vun dëse Säll. Op de fräi Plage kann een dës Säll awer och punktuell benotzen

Et goufe speziell Regele fir dës Säll formuléiert.

➔ Annexe: Plang Bastelsall, Regeln Bastelsall

Betreiung

- ➔ Foyer scolaire Parc Housen (<http://www.sispolo.lu/foyer-scolaire.html>)
- ➔ Kinderkrippe Huser Kannerstuff (<http://www.sispolo.lu/kinderkrippe-huser-kannerstuff.html>)

Bibliothék

D'Bibliothék vun der Schoul Parc Housen gëtt et vum Schouljoer 2010-2011 un. Et gëtt ee Stonneplang, op deem agedroen ass, wéi eng Cyclë wéini an d'Bibliothék goe kënnen.

Hei huet all Cycle am A-B Wocherhythmus e puer Stonnen, wou och ee vun de Responsabele vun der Bibliothék präsent ass

- ➔ Annexe: Stonneplang Bibliothék

D'Léierpersonal kann d' Bibliothék och während deene fräie Stonne besichen, dëst och mat der Klass. Et soll ee sech awer am Viraus um Plang, dee baussen nieft der Dier (Pinnwand) hänkt, androen.

Fir sech een Iwwerbléck ze verschafen, wéi eng Bicher et an der Bibliothék gëtt, kann ee sech op dësem Site informéieren:

- ➔ <https://ssl.education.lu/eduLibrary/>

Wann ee säi Buch verléiert, muss een en neit bezuelen.

All Kand kritt eng Posch an där d'Bicher sollen transportéiert a verstaut ginn. Am Fall wou een dës Posch verléiert, muss een sech eng nei an der Bibliothék kafen (2 Euro).

Bilans intermédiaires / Bilan de fin de cycle

Bilans intermédiaires ginn zweemol am Joer ausgefëllt a mat den Eltere beschwat.

Dës Gespréicher sinn normalerweis um Enn vum 1. a vum 3. Trimester.

Um Enn vum 2. Trimester fënnt een Zwëschegespréich statt, wou kee kompetenzorientéierte Bilan ausgefëllt gëtt.

Am Précoce ginn och 2 mol Bilane beschwat, mä dat Zwëschegespréich fällt aus.

All Titulaire këmmert sech dorëms, ee Rendezvous mat den Elteren auszemaachen. Wann dës Datume feststinn, soll den Titulaire net vergiessen dem Portier eng Mail mat dësen Datumen ze maachen. Et ass wichteg ze wëssen, wann aner Leit am Gebai sinn.

➔ technique@sispolo.lu

De “Bilan de fin de cycle” gëtt, wéi den Numm et scho seet, um Enn vun engem Cycle ausgefëllt. E Kand wat d’Socles de compétences net an der Regelzäit erreecht huet, kritt de “bilan de fin de cycle” dann e Joer méi spéit ausgefëllt. De Bilan fëllt den Titulaire bei Scolaria aus an dréckt en dann och aus. Dës Kopien ginn an déi Mapp, wou “Bilan de fin de cycle” dropsteet, geluecht.

D’Bilanë ginn no all Cycle weider mat an den nächste Cycle, esou datt all Kand seng Bilanen eréischt um Enn vum Cycle 4 mat heem kritt.

D’Bilanen, déi speziell fir de “Cours d’accueil” ausgeschafft goufen, sollen ëmmer zesumme mam Bilan intermédiaire vun der Classe d’attache versuergt ginn.

Blo Kësche fir Pabeier

➔ Recycling

Blog Parc Housen

Hei kann een Texter oder Fotoe publizéieren. Wann een eppes op de Blog wëll setzen, kann een dem Sandra Jovanovic dat mailen.

➔ https://www.myschool.lu/portal/server.pt/community/parc_housen/1266/blog_housen/699017

Brëll

D'Eltere loossen de Brëll flécken. D'Rechnung schécke si bei d'Krankekeess an. Wa si den Décompte vun der Krankekeess zeréck hunn, solle si den Décompte zesumme mat der Rechnung an enger Kontosnummer der Joffer oder dem Schoulmeeschter matginn.

Dëst da beim Portier fir d'Sekretariat vum SISPOLO ofginn .

Et ass awer och wichteg, dass d'Léierpersonal de Virfall beim SISPOLO meldt

Budget

Am Cycle 1 ass de Budget pro Klass opgedeelt, an de Cyclen 2-4 pro Team. Et gëtt verschidde Budgetsposten, déi eng si pro Klass gerechent, déi aner pro Kannerzuel déi de 15. September an der Klass/am Team ageschriwwen waren. D'Titulaire sollen hire Budget eleng géréieren.

Budgetsopstellung:

➔ Annexe

Et ginn zwou Méiglechkeeten, säi Budget ze gebrauchen:

- 1) Et léisst een sech d'Rechnung vum kaafte/bestallte Material direkt an d'Schoul schécken. An dësem Fall kritt een d'Rechnung zeréck fir se ze kontrolléieren, et muss een se datéieren, ënnerschreien, de jeeweilige Budgetsposten, vun deem dee Betrag ofgoe soll, dropschreien an dann dat Ganzt dann an d'Sekretariat vum SISPOLO ginn.
- 2) Déi aner Méiglechkeet ass, den Akaf selwer ze bezuelen. Hei soll een d'Rechnung/de Keesenziedel halen an dann um Enn vum Trimester eng Ofrechnung zesummestellen. Hei pecht een d'Rechnungen/d'Keesenziedelen no Budgetsposten op ee Blat, et rechent een déi Beträg zesummen an et schreift een d'Zomm op dëst Blat. Hei ass et och wichteg op all Blat kloer de Code vun deem Budgetsposten unzeginn, säi Numm, seng Klass, seng Ënnerschrëft an seng Kontosnummer. Dëst soll een dann an d'Sekretariat vum SISPOLO weiderginn.

An deenen zwee Fäll kann een d'Rechnunge beim Portier ofginn, dee gëtt se da weider un d'Sekretariat. Et kann een se awer natierlech och selwer do ofginn.

Wann een ee Keesenticket eraschéckt, soll d'TVA dropstoen. Am Fall wou een am Ausland eppes bestellt oder kauft, soll d'TVA-Nummer vum SISPOLO ugi sinn. Genee Informatiounen heizou kritt een um SISPOLO-Sekretariat.

Bustransport (Surveillance)

Am Bus ass de Chauffeur fir d'Opsicht an d'Sécherheet verantwortlech.

Dem Chauffeur sti Schoulbusbegleeder (SBB) zur Säit. Dëst si Schüler aus dem Cycle 4, déi forméiert an équipéiert sinn fir dofir ze suergen, dat d'Schüler sech am Bus un d'Regelen halen. Si informéieren d'Leierpersonal, dat moies um Bus Surveillance huet, iwwer eventuell Problemer. De Surveillant dréit déi Informatiounen an eng Lëscht an, déi bei der Loge vum Portier läit. Dës Donnéeën ginn da weider un de Comité d'école. De Comité designéiert e Responsabele vum Projet SBB, deen sech ëm d'Schoulbusbegleeder këmmert. Dëse Responsabele suergt och fir d'Kommunikatioun mam Léierpersonal iwwer déi Problemer, déi op der Lëscht agedroen goufen. D'Léierpersounen si gebieden, der Saach dann eng Suite ze ginn.

Kanner, déi méi ewéi dräimol op dëser Lëscht stinn, kréien ee Bréif vum Schoulcomité geschéckt. An dësem Schreiwes ginn d'Elteren opgefuerdert, de Kanner nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen, dass et wéinst der Sécherheet wichteg ass, d'Regelen am Bus anzehalen. Wann sech d'Situatioun net bessert, schreift de SISPOLO eng lescht Verwarnung. Sollt dann nach keng Besserung antrieden, da kann d'Kand vum Bustransport ausgeschloss ginn. D'Eltere mussen dann dofir suergen, dass d'Kand an d'Schoul kënnt.

E Bummelbus dierf heifir net bestallt ginn!

Permanence vum Responsabelen vun den SBB: Méindes déi 3. Stonn am Bureau vum ronne Gebai.

Moies wann d'Bussen ukommen, stinn zwee Leit vum Léierpersonal virum Hauptgebai, souwéi jeeweils eng Persoun virum Foyers-Gebai an eng am Hall vun der Spillschoul

➔ Annexe: Surveillanceplang

D'Kanner aus der Spillschoul déi hir Klass am Foyers-Gebai hunn, kommen och an den Hall vum Spillschouls-Gebai a ginn do vun enger Opsichtspersoun bis an hir Klass begleet.

Wann d'Schoul eriwier ass, begleet jee eng Persoun d'Kanner op déi jeeweileg Bussen.

Bustransport fir speziell Sortien:

➔ Ausfluch/Sorties pédagogiques

C

Cellule de concertation:

D'Cellule ass eng Plattform fir den Austausch respektiv d'Zesummenaarbecht tëschent dem Foyer an der Schoul.

Wichtig Themen, déi an der Versammlung vun der Cellule zesumme beschwat ginn, sinn:

- Austausch an Zesummenaarbecht tëschent Foyer an Schoul
- Pädagogesch Förderung
- Appui psychosocial
- Ateliers pédagogiques
- Formationne fir Léier- an Erzieherpersonal

Zesammensetzung vun der Cellule:

SISPOLO:

Romain Wester (Vertrieder vum SISPOLO)

Inspekter:

Patrick Lepage (Directeur adjoint)

Fir de Foyer:

Nadine Nosbusch als Presidentin vun der Cellule an als Chargée vum Foyer

Carine Mannes-Kirsch als Chargée adjointe vum Foyer

+ **4 Vertrieder** vum edukative Personal vun all Cycle

Fir d'Schoul:

Tim Junker als President vum Comité d'école

+ 4 Coordinateur/tricen (Cycle 1 – 4)

D'Versammlung vun der Cellule gëtt 2 x am Trimester gehal.

Pädagogesch Förderung

D'Patricia Cales an d'Nadine Steichen bidden ausserhalb vun der Schoulzäit um Site vum Parc Housen pädagogesch Förderung fir Kanner un. Dës Seancë kënnen vun all de Kanner aus der École fondamentale vun Housen an Usproch geholl ginn ënnert der Konditioun, dat si an der „Commission d'Inclusion“ (CI) beschwat goufen.

- D'Fähigkeeten, déi fir d'Léieren noutwenneg sinn (Léier- an Aarbechtsverhalten, Konzentratioun, Opmierksamkeet, Wahrnehmung, logescht Denken, Virstellungskraaft,...)
- d'Sproochentwécklung
- d'mathematesch Fähigkeeten
- d'psychomotoresch Entwécklung

• ...
vun de Kanner ginn ënnerstëtzt.

D’Kanner gi während der Betreierung an de Foyer scolaire ageschriwwen. D’pädagogesch Förderung gëtt iwwert de System „chèque-service“ verrechent.

Zousätzlech zu der Eenzelförderung gi Fördergruppen ugebueden.

D’Offer gëtt all Schouljoer un d’Besoinen ugepasst.

Am Schouljoer 2015/2016 fënnt de Grupp „Bewegungslandschaften entdecken“ fir Kanner aus dem Cycle 1 statt.

Nadine Steichen

Psychologin

Tel.: 929598-580

Email: nadine.steichen@sispolo.lu

Ateliers pédagogiques:

Am Nomëtteg kann d’Léierpersonal zesummen mam Erzéierpersonal flott Atelierë fir d’Kanner ubidden, wéi z.B:

- Kachen+Baken/ Léire mat alle Sënner
-

Dës Atelierë ginn vun der “Cellule de concertation” organiséiert an vum MENJE finanziert.

Formations continues:

An der „Cellule de concertation“ ginn zesumme Formatioune fir d’Léierpersonal an d’Erzéierpersonal organiséiert.

Centre écologique

Centre écologique et touristique "Parc Housen"

12, Parc
L-9836 Housen

Kontaktpersounen:

Pierre Gaertner
Tel.: 92 95 98 - 700
Fax: 92 95 98 - 701
GSM: 691 92 95 94

E-mail : centre.ecologique@sispolo.lu

De Centre écologique stellt engem de Grill an d'essen am "Pavillon" zur Verfügung. Et muss ee just eng schrëftlech Demande un d'Kontaktpersoun riichten.

➔ "Demande fir ze grillen".

➔ "Classes vertes"

Charta

D'Charta definéiert Visiounen a Wäerter, genee esou wéi Rechter a Pflichten fir déi Leit, déi am Parc Housen schaffen a léieren.

➔ Annexe

CI: Commission d'inclusion.

D'CI stellt e Relevé op vun de Kanner aus engem Arrondissement, déi spezifesch Besoinen hunn. Si verbënnt d'Grondschoul mat der Équipe multiprofessionnelle, de Schoulen an de spezialiséierte Servicer vun der Éducation nationale. Si hält och de Kontakt mat de Servicer vum Gesondheets- a Familljeministère, déi wichteg kéinte sinn.

De President ass den Directeur-adjoint, den Här Patrick Lepage.

D' Sekretärin sin d'Madame Elisabeth Hansen-Manderfeld an Madame Pascale Krecké

Kontakt: ci.diekirch@men.lu

➔ Annexe: "carnet d'adresses", "annuaire de l'enseignant", "calendrier CIS", "procédure de signalement", "fiche de signalement", "bilan scolaire c1", "bilan scolaire c2-4"

Classes vertes

Centre écologique

Arsène Bürger

12, Parc

L-9836 Housen

Tel.: 92 95 98 – 714

Kontakt: classes.vert@sispolo.lu

➔ www.sispolo.lu/classes-vertes.html

Code fir d' Kopiesmaschinen an de Computer

All Klass huet ee Klassepasswuert (Team-Numm) fir de Computer kënnen am Réseau ze benotzen.

All Team/Klass huet ee Code fir schwaarz-wäiss Kopien an ee fir faarweg Kopien. Déi selwecht Codë brauch een, wann een eppes um Computer ausdrécke wëll. Dëse Code soll vertraulich behandelt ginn. Wann een onbedingt ee Code brauch fir eng Klass wou een ersetzt, kann een dëse beim Portier nofroen. Dat selwecht gëllt, wann ee säi Code vergiess hätt.

➔ Annexe: "how to copieur" a "Scannen"

Comité d'école

Membere vum Schoulcomité sinn :

Monique Groeff

Lynn Draut

Stéphanie Keilen

Vicky Diederich

Manuela Meis

Joëlle Wiltgen

D'President vum Schoulcomité ass den Här Tim Junker

Computer

Fir d'Computersäll am Foyersgebai an am Hauptgebai ze reservéieren, dréit ee sech op eng Lëscht an, déi am jeeweilege Gebai aushänkt.

Doriwwer eraus kann een och fest Stonnen iwwert d'ganzt Schouloer reservéieren, déi am Ufank vum Schouloer op engem Plang festgehale ginn.

➔ Annexe: Stonneplang Balcon

➔ Annexe: Stonneplang Computersall am Foyersgebai

Concertatioun

All Team trëfft sech an der Regel eemol d'Woch. Eemol am Mount ass eng Versammlung am ganze Cycle. Team- a Cycle-Versammlunge sinn obligatoresch an och all Versammlungen, déi am Zesammenhang mam PRS stinn. Wann een net kann u sou enger Versammlung deelhuefen, muss ee sech schrëftlech beim Inspekter ofmellen, eventuell brauch een ee Certificat médical.

Een Enseignant muss 60 Stonnen am Joer Concertatioun hunn, PV a Ag'en gehéieren net dozou.

Coordinateurs de cycle

Cycle 1: Monique Troes-Michels (92 95 98 - 312)

Cycle 2: Linda Nettis (92 95 98 - 212)

Cycle 3: Marina Kirsch (92 95 98 – 222)

Cycle 4: Jérôme Franzen (92 95 98 – 566)

Cours d'accueil

Wa Kanner aus dem Ausland op Lëtzebuerg kommen, gëtt et d'Méiglechkeet, datt dës an engem spezielle Kader an eise Schoulsystem agegliddert ginn. Bei eis an der Schoul ginn et déi sougenannte "cours d'accueil". Hei ginn déi Kanner betreit, déi am Ufank oder während dem Schouloer bäizéien a keng vun eisen Haaptsprouche schwätzen, dës normalerweis vum Cycle 2.2. un. All Kand huet vum Cycle 2.2 un ee Recht op "cours d'accueil". An dës Coursë ginn am Prinzip Däitsch a Franséisch ënnerriicht.

D

Dokter

Centre médical Hosingen
9, am Graaf
L-9808 Hosingen
Tel: 92 04 24

Responsabel Schoulmedezin:

Simone Bollendorff
6, rue Brooch
L-9709 Clervaux
E-Mail: simone.bollendorff@ligue.lu
Tel.: +352 92 91 72
Fax.: +352 92 13 68

Ier d'Kanner vum Schouldokter ënnersicht ginn, mécht d'Mme Simone Bollendorff mat den Titulairë vun der Klass ee Rendezvous aus fir d'Preparatioun an der Klass (Moossen, Weien ... vun de Kanner).

E

Éischt-Hëllef-Këscht

Eng Éischt-Hëllef-Këscht mat deem néidege Material (Plooschteren, Verbänn, Schéier, Désinfizéierproduiten a verschidde Salwen) steet den Enseignanten an all Gebai, an op verschidde Stäck zur Verfügung.

D'Opstocke vun dëse Këschten gëtt vun den Enseignanten selwer géréiert, dat heescht, deejéinegen, deen déi lëscht Plooschter hält, ass gebieden beim Portier neit Material ze froen a rëm opzefëllen.

Elterevereenegung

APEPH (Association des Parents d'Élèves du Centre scolaire régional du Parc Hosingen)

Aufgaben:

- ♦ Ass eng ASBL vu fräiwëllegen Eltere vun de Schoulkanner aus dem Parc Housen
- ♦ Hëlleft schaffe bei Aktivitéite vun der Schoul
- ♦ Organiséiert Séminairen fir d'Elteren a Fester fir d'ganz Famill
- ♦ Bitt finanziell Ënnerstëtzung fir de Centre scolaire Parc Housen
- ♦ Hält Kontakt mat der Fapel (=Fédération des Associations des Parents d'Élèves du Luxembourg)

Eltereversammlung

Wann eng Eltereversammlung organiséiert gëtt, muss ee min. eng Woch virdrun dem Portier per E-Mail (Datum an Auerzäit vun der Versammlung) Bescheed soen:

→ technique@sispolo.lu

Elterevertrieder

Blasen Christiane, Clement Marina, De Bondt Katrien,
Lanners Michele, Nkolo Germaine

All Info betreffen EV un all eenzelnen Elterevertrieder schécken.

Kontakt: elterenvertrieder.housen@sispolo.lu

Entschëllegung

➔ Feele vun engem Schüler

Equipe multiprofessionnelle

Dat sinn déi Leit, déi de Kanner bei spezifesch Besoinen Hëllef kënnen ubidden. Déi Leit ginn iwwert d'CI de Kanner zougedeelt.

➔ CI

Ersatz cf. Remplaçant

Wann een als Remplaçant an d'Gebai kënnt, soll ee sech beim Portier an der Loge umellen.

De President vum Schoulcomité mécht mam Remplaçant ee Kontrakt. De Remplaçant déclaréiert duerno seng Stonnen op enger "Déclaration de remplacement".

Dës Dokumenter schéckt de President vum Schoulcomité ënnerschriwwen un de Bureau régional vum Inspektorat weider.

F

Fax

Et steet e Fax an der Konferenz vum ronne Gebai an een an der Konferenz vun der Annexe vum Foyer.

Feele vum Léierpersonal

Kann eng Léierpersoun net an d' Schoul kommen (Krankheet, Stierffall, ...) dann ass se gebieden dat schnellst méiglechst der Directioun, Tel. 247-55870 (secretariat.dierkirch@men.lu) matzedeelen, fir datt een Ersatz kann organiséiert ginn. De President vum Schoulcomité ass och ze informéieren.

Samsdes muss een sech am Fall vun enger Absence d'office un de President vum Schoulcomité wenden, Tel. 92 95 98 -562.

Vum drëtten Dag un ass en Attest vum Dokter néideg.

Et muss een am Scolaria ugin, dass ee rëm schafft. (Reprise de service)

Feele vu Schüler

Am Krankheetsfall muss e Schüler den éischten Dag iwwer Telefon ofgemellt ginn. Ass de Schüler méi ewéi dräi Deeg krank, ass en Attest vum Dokter néideg.

E Schüler ka vun der Léierpersoun fir een Dag fräigestallt ginn. Grënn fir esou ee Fräistellen kënne sinn: Stierffall an der Famill, "cas de force majeure", Krankheet vum Schüler.

All aner Demande gëtt weidergeleet un de Schoulpresident an un de Schoulcomité.

Feieralarm

Am Fall vun engem Feier an de Gebailechkeete vum Schoukomplex gëtt en Alarm ausgeléist. D'Léierpersonal ass ugehalen, d'Schüler op dem schnellste Wee duerch deen noosten Noutausgang aus der Schoul erauszeféieren an op dem Schoulparking oder enger anerer definierter Plaz ze sammelen.

Et ass fir Rou ze suergen an d'Schüler sollen sech strikt un d'Uweisungen halen.

Fënsteren an Diere sinn zouzemaachen.

Fir d'Präsenzen ze kontrolléieren a sécher ze sinn, datt kee Schüler am Gebai zeréckbliwwen ass, muss de Regëster matgeholl ginn, fir en Appel nominal kënnen duerchzeféieren.

Am Krankheetsfall vun engem Schüler ass dëst jo am Regëster vermierkt.

Zweemol am Joer gëtt esou een Noutfall geprouft, fir datt d'Kanner an d'Personal am Eeschtfall den Oflaf vun enger Evakuéierung scho geübt hunn.

D'Prouf vun engem Alarm gëtt am Virfeld ugekënnegt (per E-Mail).

Et hänkt een Evakuéierungs-Plang an all Klass an an de Gäng.

Fëmmen

Fëmmen ass um ganze Site Parc Housen strikt verbueden.

Fernseh

D'Fernsehe stinn de Klassen a mobile Schief zur Verfügung. Op jidder Schaf hänkt eng Lëscht wou een de Fernseh mat DVD-Player reservéiere kann.

Fotoen (Erlaabnis)

Fotoe vun de Schüler duerfe just verëffentlecht ginn, wann d'Elteren eis d'Erlaabnis dofir schrëftlech ginn hunn.

All Joer ginn d'Eltere gebieden ee spezielle Formulaire heizou auszufëllen an ze ënnerschreiwten.

➔ Annexe

Foyer scolaire

Zënter dem 1. September 2004 gëtt am Parc Housen eng Ganzdagsbetreierung fir Kanner am Alter vun 3 -12 Joer ugebueden. Fir an de Foyer dierfen ageschriwwen ze ginn, mussen d'Kanner an enger Schoulklass vum Parc Housen ageschriwwe sinn. D'Kanner kënnen fir een Dag oder méi Deeg an der Woch ageschriwwe ginn.

D’Kanner ginn säit dem Februar 2015 an 2 Gebaier betreit, am Gebai “Foyer scolaire” an am Gebai “Kannerhaus am Wëldpark” (néit Gebai). Dat néit Gebai “Kannerhaus am Wëldpark” huet den 2. Februar 2015 seng Dieren opgemaach, um Rez.ch. ginn Kanner vun der Crèche an am Sous-sol ginn Kanner vum Foyer scolaire (Cycles 1-2) betreit.

De Foyer ass ëmmer vu méindes bis freides op, ausser d’Feierdeeg an eng Woch an der Chrëschtvakanz (Congé collectif).

De Foyer bitt folgend Aschreiwungsméiglechkeeten un:

während der Schoulzäit:

- 7.00 – 7.35 (Accueil)
- 12.30 – 19.00 (Ganztagsbetreuung)
- 12.30 – 14.00 (Restauration)
- 14.00 – 15.00 (Hausaufgabebetreuung)
- 15.00 – 17.00
- 17.00 – 18.00
- 18.00 – 19.00

während de Schoulvakazen:

- 7.00 – 8.00
- 8.00 – 10.00
- 10.00 – 12.00
- 12.00 – 12.30
- 12.30 – 14.00
- 14.00 – 15.00
- 15.00 – 17.00
- 17.00 – 18.00
- 18.00 – 19.00

Accueil:

Zënter dem Schouljoer 2011/2012 organiséiert de Foyer scolaire och een Accueil moies um 7.00 Auer fir déi Kanner, deenen hir Elteren éischter op d’Aarbecht musse fueren. D’Erzéierpersonal begleet d’Kanner um 7.35 Auer an déi verschidde Klassen. Fir e Kand fir den Accueil anzeschreiwe muss d’Kand an de Foyer scolaire fir eng hallef Stonn ageschriwwe ginn.

Um 12.35 Auer gin d’Kanner, déi fir d’Mëttegiessen ageschriwwe sinn, an hire Foyersgrupp. D’Léierpersonal begleet d’Kanner bis op de jeeweilegen Treffpunkt. Am Haaptgebai stinn d’Educateuren am Hall virum Glashaus, d’Spillschoulskanner ginn am Hall vum Spillschoulsgebai an Empfang geholl an d’Kanner vum Précocé ginn an hirer Klass oder an hirem Haff ofgeholl.

Am Foyer scolaire schaffen:

- 2 Educatrices graduées (Chargée de direction + Chargée de direction adjointe)
- 1 Pädagogin
- 1 Psychologin
- 1 Sekretärin

- 7 Educatrices diplômées + 2 Educateurs diplômés
- 15 Aide-éducatrices
- 8 Remplaçanten

De Foyer bitt Folgendes un:

- Mëttegiessen (12h30 bis 14h00)
- Hausaufgabenhëllef (14h00 bis 15h00)
- Fräizäitgestaltung (15h30 bis 16h30): Spillplaz, Turnhal, Airtramp, Bëschspiller, spadséiere goen, sangen, bastelen, molen, baken, Gesellschaftsspiller, am Gaart schaffen...
- Fräispiell
- Fester feieren
- Ausflich

De Foyer scolaire (SISPOLO a.s.b.l) huet eng Konventioun mam MENJE.

Zënter dem 1. Mäerz 2009 huet de Ministère Tariffer vum System „Chèques services“ agefouert

➔ www.chèque-service.lu

Aschreiwung fir de Foyer scolaire:

Uspriechpartner: Nadine Nosbusch
Carine Kirsch

Tel: 92 95 98 - 500

(<http://www.sispolo.lu/foyer-scolaire.html>)

Fräi Samsdeger

De Kalenner vum lafende Joer bitt eng Iwwersiicht

➔ www.sispolo.lu

An der B-Woch ass samsdes fräi.

Fruit for school

All Mëttwoch a Freideg kréien d’Kanner Uebst fir an der Paus ze iessen, finanzéiert iwwert de Projet “Fruit for school” mat der Ënnerstëtzung vun der APEMH, déi eis d’Uebst schneiden.

Responsabel ass d’Linda Schmitz-Malget fir d’Haaptgebaier an d’Spillschoulsgebaier.

D’Linda këmmert sech och ëm d’Uebst am Foyersgebaier an am Précocegebaier.

➔ Annexe: Bréiwer fir d’Elteren op Lëtzt. an op Frans.

“Fundgrube”

Saachen, déi ee fënnt, soll ee beim Portier ofginn. Wann een eppes vermësst, kann ee beim Portier nokucken oder nofroen. Saachen, déi an der Turnhal fonnt ginn, kann ee bei d’Entrée vun der Hal leeën.

G

Ganzdagesbetreuung

Foyer scolaire Parc Hosingen/Kannerhaus am Wëldpark

➔ <http://www.sispolo.lu/foyer-scolaire.html>

Kinderkrippe Huser Kannerstuff/Kannerhaus am Wëldpark

➔ <http://www.sispolo.lu/kinderkrippe-huser-kannerstuff.html>

Gebai

➔ 1.Deel: Gebaier am Iwwerbléck

H

Handy

D'Schüler dierfen um ganze Site keen Handy benotzen.

Hausaufgabebetreiung

Hausaufgabe können am Foyer scolaire gemaach ginn. D'Kand muss dofir am Foyer ageschriwwe sinn. Eng Hausaufgabebetreiung gëtt vu 14 Auer bis 15 Auer ugebueden (cf. Foyer scolaire).

Hausuerdnung

➔ Annexe: Règlement d'ordre interne

lessen

C1: D’Kanner iesse moies an der Regel am Klassesall.

C2-4: D’Kanner huelen hiert lesse mat an d’Paus.

Déi Erwuesse kënnen sech an der Schoulkichen am Spillschoulsgebai eppes kachen oder bei der APEMH an d’Kantin iesse goen. Opgepasst hei muss ee sech 2 Deeg am Viraus umellen.

Injektionen (Piqûren)

En Enseignant dærf engem Kand keng Piqûre ginn. Dëst ass eng Aufgab, déi vun engem Dokter iwwerholl muss ginn. Den Enseignant dærf engem Kand just am äussersten Noutfall eng Piqûre man. Méi Informatiounen fënnt een am Bréif vun der Madame Minister vum 19. Oktober 2011

➔ Annexe

Internet

All Klass huet e Login fir de Computer-Réseau. Dëse Login kann ee beim norTIC ufroen. Dat gëllt och fir de perséinleche Login vun allen Intervenanten

➔ www.nortic.lu.

Kontakt:

BARBEL Fern	92 95 98 – 503	fern.barbel@nortic.lu
GALLO Dany	92 95 98 – 502	dany.gallo@nortic.lu

J

Joresplang (A – B Wochen)

Zu Housen am Parc funktionéiert d'Schoul no engem A – B Wocheerhythmus. An der A-Woch ass samsdes Schoul (Cycle 2-4), an der B –Woch huet jidderee samsdes fräi.

➔ www.sispolo.lu

K

Kalenner

Bei “mySchool” kommt dir mat ärem IAM-Passwuert bei de Kalenner.

Wann dir eppes hut fir op de Kalenner ze schreiwen, da mailt dem Tim Junker déi néideg Informatiounen.

➔ http://www.myschool.lu/portal/server.pt/community/parc_housen/

Kannerhaus am Wëldpark

➔ cf. Punkt Foyer scolaire

Uspriechpartner Foyer scolaire:	Nadine Nosbusch Carine Mannes-Kirsch	Tel: 92 95 98 - 500
---------------------------------	---	---------------------

Uspriechpartner Crèche:	Scholtes-Schaack Annick Kraus-Fagny Joëlle	Tel: 92 95 98 - 602
-------------------------	---	---------------------

Keess

De “Kados-Kont” vun eiser Schoul ass ee Kont, vun deem Kadoë kaaft gi fir déi Leit, déi abezuelt hunn, z.B.: wa si sech bestueden, ee Kand kréien, wann ee Stierffall virläit a sou weider. Jidderee vum Léierpersonal, deen fir ee Joer oder méi laang agestallt gëtt, soll am Ufank ee Betrag vu 50 Euro op dëse Kont iwwerweisen.

Fir all Geleeënheet kann dann och jiddereen op enger Kaart ënnerschreiwen, déi extra fir déi speziell Uläss kaaft gëtt. De Responsabele vum Kont geet mat dëser Kaart duerch all Gebaier, sou dass jiddereen sech op dëser ka veréiwegen.

Wann de Kont bal eidel ass, gëtt d’Léierpersonal opgefuerdert, erëm 50 Euro op de Kont anzebezuelen. De Responsabele schéckt an deem Fall eng E-Mail mat der Kontosnummer.

Keng Schoul

Sollt aus iergendengem Grond d’Schoul ausfalen, gëtt dat um Radio diffuséiert. Och “sms2citizen” informéiert iwwert en eventuelle Schoulausfall. Et ass dofir sënnvoll, sech op de Service “sms2citizen” z’abonnéieren.

➔ www.sispolo.lu.

D’Léierpersonal muss an d’Schoul kommen, och wann d’Schoul ausfällt. Eng Surveillance ass z’organiséiere fir déi Kanner, déi trotzdem an d’Schoul kommen.

Kichen

Schoulkiche-Regelen

Material-Lëscht Schoulkichen

➔ Annexe

Klasseverdeelung

➔ Annexe: “Répartition des salles de classe”

Konferenz

An der Konferenz am Hauptgebai um éischte Stack stinn d’Casë vum Léierpersonal vun de Cyclen 2-4. D’Case vum Léierpersonal vum Cycle 1 stinn nieft der Kopiesmaschinn am Gebai vun der Spillschoul. An déi Leit aus dem Cycle 4 déi am Foyers-Gebai schaffen hunn och an deem Gebai eng Case an der Entrée vun deem Gebai beim Sekretariat vum Foyer.

Dës Casë sollte regelméisseg eidel gemaach ginn, och wann di meeschten Informatiounen intern per E-Mail verschéckt ginn.

Kopiesmaschinn

Am Gebai vun der Spillschoul steet eng Kopiesmaschinn am Hall.

Am Hauptgebai ginn et zwou Maschinnen, eng um Rez-de-chaussée nieft der Loge vum Portier an eng um éischte Stack nieft de Computeren (Balcon).

Am Foyers-Gebai steet eng Kopiesmaschinn um 1. Stack nieft dem Lift.

Fir d’Kopiesmaschinnen ze benotzen brauch een e Code

➔ Code.

Kräid a Schwamm

Alles dat kritt ee beim Portier.

Krankheeten

Service “Krank Kanner doheem – Garde d’enfants malades à domicile”

Tel: 48 0779

L

Lais

Wann ee Lais huet sollen d'Elteren d'Léierpersonal, an wann et zoutréfft, d'Leit aus dem Foyers-Grupp vum Kand, informéieren.

No der éischer Behandlung mat Lais-Shampooing kann d'Kand erëm an d'Schoul kommen. D'Léierpersonal soll an deem Fall d'Assistante sociale oder d'Infirmière informéieren, da kënnt normalerweis d'Infirmière an d'Klass kucken a bréngt déi Bréiwer a Brochurë fir d'Eltere mat Erklärungen iwwert de Laisbefall mat.

➔ Dës Dokumenter kritt een och beim President vum Schoulcomité.

Lasep

D'Lasep gëtt ugebuede fir d'Kanner vun de Cyclen 1 bis 4.

Kontakt: Linda Schmitz-Malget 929598-242

Lehmuewen

Virun den zwee Bastelsäll, déi um ënneschte Stack vum Haaptgebaai sinn, steet ee Lehmuewen.

Gebrauchsuweisung ass am roude Classeur am éischte Schaf wou "Lehm" dropsteet.

Léierpersonal (Personal-Lëscht)

Fann dir an der Schoulorganisatioun

➔ www.sipolo.lu ënner der Rubrik "Dokumente".

Lift

An all Gebai wou et méi Stäck ginn, gëtt et ee Lift.

Am Haapt-Gebai brauch een ee Schlëssel fir mam Lift ze fueren. Dëse kritt ee beim Portier.

Am Foyers Gebai funktionéiert de Lift ouni Schlëssel.

M

Multisall

Fir de Multisall kënnen ze benotzen muss een sech op de Plang aschreiwen, dee baussen op der Dir hänkt. Wann een de Multisall nomëttes wëll benotzen, muss een de Sall beim Portier reservéieren.

Musikinstrumenter

D'Schoul huet am Multisall eng Partie Instrumenter (Perkussioun). Dës Instrumenter bleiwen am Multisall. Wann een en Instrument am Kllassesall wëll benotzen, da leet een en Ziedel an de Multisall. D'Instrumenter mussen awer fir nomëttes erëm am Multisall sinn, well déi och vum Enseignant vum Eveil muscial benotzt ginn.

Sollt een Instrument futti sinn oder een e besonnesche Wonsch hunn, da soll ee sech beim Responabele vum AG Musik mellen. Den AG mécht d'Gestioun vun den Instrumenter.

Musikschoul

Coursë vun der Musikschoul vum Kanton Klierf ginn a verschiddene Säll am Parc Housen ofgehalen.

Kontaktpersoun: Mireille Wester-Nosbusch



norTIC: Centre de services norTIC

www.nortic.lu

Kontakt:

BARBEL Fern 92 95 98 – 503 fern.barbel@nortic.lu

GALLO Dany 92 95 98 – 502 dany.gallo@nortic.lu

HELMINGER Olivier

➔ Annexe: Demande d'intervention technique

Noutausgäng

Noutausgäng mussen fräi bleiwen a léise beim Portier e stëllen Alarm aus, wann een d'Dir opmécht.

O

Ofmelle vu Schüler

Am “Scolaria” müssen dës Ännerungen agedroe ginn, fir d’Klasselëschten ze aktualiséieren an à jour ze halen.

Dësweideren gëtt een d’Bilanen vum concernéierte Schüler beim President vum Schoulcomité of, deen dës dann un de President resp. un d’Gemengesekretariat vun der neier Schoul weiderleet.

P

Pabeier

Wa kee Pabeier bei der Kopiesmaschinn läit oder wa bal keng Blieder méi do sinn, soll een dem Portier Bescheed ginn. D'Tessy Kinn ass esou léif a kontrolléiert regelméisseg de Pabeier-Stand bei de Kopiesmaschinnen am ronne Gebai. De Pabeier mat der Déckt 160 g muss een an d' Loge bei de Portier siche goen.

Jiddereen duerf de Pabeier an der Kopiesmaschinn nofëllen. Den Toner gëtt vum Portier nogefëllt.

An der Spillschoul këmmert sech d' Monique Michels-Troes ëm de Pabeier an net de Portier. Jiddereen duerf awer de Pabeier an de Schief nofëllen, dir fannt de Pabeier am Konferenz-Raum nieft der Kopiesmaschinn. DIN A2-Blieder leien am Schaf nieft der Konferenz.

Parc-Housen-Fest

Um Schluss vum Joer gëtt e Schoulfest fir d'Kanner organiséiert.

D'Schoulfest fir d'Cyclen 1 an 2 ass freides, dat fir d'Cyclen 3 a 4 ass samsdes moies. Samsdes mëttes ass dann d'Parc-Housen-Show, dëst awer nëmmen all zwee Joer.

Parking

Jiddereen ass gebieden d'nationaalt Verkéiersreglement anzehalen an d'Parkplazen ze benotzen.

➔ Anhang

Pausen

All Gebai huet säin Haff, wou spezifesch Regeln an Surveillance-Pläng gëllen.

➔ Surveillance

➔ Annexe: Regeln: Précocé, C1, Kaartsystem C1, Kaartsystem C2-4

Plastifizieremaschinn

An der Spillschoul bei der Kopiesmaschinn an am Hauptgebei um Rez-de-Chaussée steet eng Plastifizieremaschinn.

PP – PPC - PPCI

○ PP (Plan personnalisé)

De PP ass näischt anescht wéi een Outil de travail fir d'équipe pédagogique vun engem Cycle. En ass **fakultativ**, a gëtt op deem selwechten Formulaire ausgefëllt wéi ee PPC resp. ee PPCI.

○ PPC (Plan de prise en charge)

De PPC muss den Eltere bei der Entscheidung vun engem **allongement de cycle** virgeluecht an erkläert ginn.

Avertissement aux parents (fiche Ministère aus dem Scolaria) den Elteren an dësem Gespréich matginn (fir de Recours)

○ PPCI (Plan de prise en charge individualisé)

De PPCI ass fir e Kand wat no 3 Joer an engem Cycle, d'Kompetenzen nach ëmmer net all erreecht huet. De PPCI muss vun der CIS accordéiert ginn.

Bei Kanner, déi 12 Joer (virum 1. September) a virum Cycle 4.2 an de modulaire wiesselen, mussen d'Décision am Scolaria rausgeprint a vun den Elteren ënnerschriwwen ginn. Dat gëtt zesummen mam PPCi op de Bureau régional geschéckt. Wa bekannt, de Lycée wou d'Kanner higinn droppschreiwen. Bei all Schüler, deen an de Modulaire orientéiert ginn ass, muss ee PPCI ausgefëllt ginn. Dee muss virum 1. Juni op de Bureau régional (a Pabeierform) geschéckt ginn.

De Bureau këmmert sech drëms dat d'Dokumenter weidergeleet ginn.

➔ Annexe "Document PP, PPC, PPCI"

Printen (Gebrauchsanweisung)

➔ "How to Copieur"

PDS (Plan de développement scolaire)

➔ Anhang



RESONORD

RESONORD, das ist das regionale Sozialamt des Nordens, welche die Arbeitsbereiche: Sozialamt, Informations- und Beratungszentrum und Koordinationsbüro vereint. Das Sozialamt agiert in den Bereichen der kurz-, mittel- und langfristigen sozialen Hilfen und Betreuung. Hauptsitz ist in Hosingen, mit zwei weiteren Zweigstellen in Wintger und Vianden. Das Informations- und Beratungszentrum liefert Informationen zu unterschiedlichen sozialen Themen für die gesamte Bevölkerung der RESONORD Region. Im Koordinationsbüro werden Sozialdaten für die regionale Sozialplanung gesammelt. Jedes Jahr organisiert das Koordinationsbüro ein Informations- und Austauschtag im sozialen Bereich. Des Weiteren ist das RESONORD Ansprechpartner für die Umsetzung sozialer Projekte in der Region.

Das RESONORD hat täglich geöffnet:

MO/ DI/ DO/ FR : 08:00-12:00 Uhr und 14:00-17 Uhr

MI : 10:00-12:00 Uhr und 14:00-17:00 Uhr

Telefon: 27 – 80 – 27 oder per Internet unter: www.resonord.lu

Fax: 27 – 80 – 27 – 60 Mail: info@resonord.lu

Wer wir sind:

Julia Gregor-Rodrigues : Responsable du service de coordination sociale régionale

Fabienne Faber : Assistante sociale/ Gemeinde Clervaux

Jill Sibenaler : Assistante sociale/ Gemeinden Parc Hosingen, Putscheid, Tandel, Vianden

Fabienne Schroeder : Assistante sociale/ Gemeinden Eschweiler, Kiischpelt, Troisvierges, Weiswampach, Wincrange

Chantal Peiffer : Secrétaire-Comptabel

Aline Hentz : Secrétaire-Comptabel

Laura Possing : Département des services de coordination sociale régionale- chargée de mission

Recycling

An der Schoul gi Pabeier, Valorlux-Artikelen, Bicen, Pësch a Co. getrennt gesammelt an entsuergt. Kanner bedeelege sech aktiv un dësem Projet. Si droen zum Beispill de Pabeier, deen an de Klasse gesammelt gëtt, an déi grouss blo Dreckschëschtchen.

Reparaturen

Wann eppes futti ass, soll d'Léierpersonal dëst direkt un Hand vun engem Formulaire dem Portier an dem Sekretär vum SISPOLO gemellt ginn. Dëst kënnt dir per Mail maachen.

➔ www.sispolo.lu ënner Dokumente: Schadensmeldung

S

Schnéi

Wann et zu engem Schoulausfall wéinst zevill Schnéi kënnt, da muss d'Léierpersonal trotzdem an d' Schoul kommen an den Accueil fir déi Kanner assuréieren, déi net doheem kënne bleiwen.

Schneidmaschinn

Bei all Kopiesmaschinn steet och eng Schneidmaschinn.

Schoulbus (Symboler fir d'Bussen)

All Bus huet ee bestëmmt Zeechen a Form vun engem Déier. Sou fannen d'Kanner relativ einfach hire Bus rëm.

- ➔ Annexe: Horaire Bus
- ➔ www.sispolo.lu ënnert "Dokumente"

Schoulbusbegleeder (SBB)

- ➔ Bustransport

Schoulfest

- ➔ Parc Housen Fest

Schoulzäiten

Schoulufank: 7.45 Auer

Schoulschluss: 12.35 Auer

D' Léierpersonal muss um 7:35 Auer am Klassesall sinn, fir d' Surveillance ze garantéieren.

Schoulzeitung (Dillendapp)

Um Schluss vun all Schouljoer kënt eis Schoulzeitung "Dillendapp" eraus. Déi eenzel Klasse schreiwen a molen hei e Bäitrag.

Den Dillendapp gëtt vun de Kanner aus dem Cycle 4 verkaaft.

Den AG Ëffentlechkeetsaarbecht këmmert sech ëm d'Coordinatioun.

Schwämm

➔ Badge

Science Material

D'Material fir auszeléinen fannt dir am Bureau niewent der Konferenz vum ronne Gebai, am Schaf. Hei hänkt eng Lëscht fir ze notéiere wat een ausléint.

➔ Annexe: Lëscht mat dem Material

Scolaria

Scolaria ass eng Datebank mat de perséinlechen Donnéeën vum Enseignant a mat deene vun de Kanner aus senger Klass. Fir Accès zu dëser Datebank ze kréien, muss een e Stick oder en "Token" vu LUXTRUST hunn.

Hei muss een um Enn vum Schouljoer d’Kanner weider an hir nächst Klass ginn. Déi nei Précoce-Kanner müssen dee selwechte Moment un Hand vun hirer Matricule an déi jeeweileg Klass geluede ginn. Am Ufank vum Schouljoer, muss een de Kanner hir Donnéeën iwwerpréifen.

Am Scolaria dréit den Enseignant och seng “Reprise de service” an.

Service socio-éducatif

Dëse Service bitt eng Ënnerstëtzung fir d’Kanner, d’Elteren an d’Léierpersonal bei verhalensopfällege Kanner. D’Kanner müssen als eischt per fiche de renseignement an der CI gemellt ginn.

Kontakt:

Manuela Meis

(Léierin an Member vum Schoulcomitee)

Tel.: 92 95 98 – 218

manuela.meis@education.lu

➔ Annexe: Flyer, Erklärungen, Fiche de renseignement, Bilan scolaire)

SMS2citizen

De Service “SMS2citizen” ass e Service dee vum SISPOLO ugebuede gëtt an duerch deem ee per SMS iwwert aktuell Themen, Retarde vun de Bussen oder Schoulausfäll informéiert gëtt.

Méi Informatiounen fënnt een op:

<http://www.sispolo.lu/sms-nachrichtendienst.html>

Sortie pédagogique

➔ Ausfluch

Sportunterrecht

De Stonneplang fir d’Sportshal gëtt am Ufank vum Joer festgeluegt.

Wann een op den Airtramp goe well, muss een dat virdru beim Portier reservéieren.

Um Enn vun der Sportstonn muss jiddereen säi Material raumen an d'Garagen zouspären.

Déi Klassen, déi moies als lescht an der Sportshal sinn musse kucken, datt d'Rideauen um Schluss erop gemaach ginn an d'Luuchten aus sinn. Déi blo Tëschendier tëscht dem Gank vun der Sportshal an der Schoul muss zougespaart ginn.

Stagiären (uni.lu)

Brevetéiert Léierpersonal däerf no 2 Joer am Service Stagiären unhuelen.

Stonnepläng (Schoulzäiten, Turnsall, Bibliothék)

➔ Annexe

Surveillance

Am Ufank vun all Schouljoer gi Surveillancepläng opgestallt. Op dëse Pläng gëtt vermierkt, wéi eng Léierpersoun wéini an a wéi enger Zon Surveillance huet. D'Opdeelung vum Schoulkomplex an eenzel Zonen soll eng effektiv Surveillance garantéieren. Dës Pläng gëllen d'ganz Schouljoer, a jiddereen ass verpflichtet sech dorunner ze halen. Een Tëschefall an enger bestëmmter Zon gëtt vun dem zoustännege Surveillanten gekläert. Bannen am Gebai ass och e Surveillanceposten. Hei kann eventuell e verletzte Schüler betreit ginn, fir datt baussen d'Surveillance ka weider funktionéieren.

Ee Surveillanceplang hänkt an all Sall an am Agangsberäich vum Schoulgebai.

➔ Annexe: Surveillancepläng C1, Hauptgebai, Foyersgebai; Surveillancen Erklärungen mat den Zonen, Surveillancen um Bus

T

Terminkalenner

De Kalenner mat alle wichtigen Informatiounen fannt dir op dem Site:

➔ www.schoul-parc-housen.lu

Dëse Kalenner gëtt vun engem Member vum Schoulcomité gëstëert.

Wann dir eppes hutt fir op de Kalenner ze schreiwen, da mailt dem Tim Junker déi néideg Informatiounen.

http://www.myschool.lu/portal/server.pt/community/parc_housen/

Turnhal

➔ Sportunterrecht

U

Umelle vun neie Schüler

Fir d' Umelle vun neie Schüler gëllen am Prinzip déi selwecht Prozeduren, ewéi beim Ofmellen: Androen am "Scolaria".

V

Vakanzen

Datume vun de Vakanze fënnt een um Site vum MENJE.

Laut Artikel 7 und 8 vum Gesetz iwwer d'Schoufflicht vum 06.02.2009 muss all Kand um Unterrecht deelhuefen. Feelen ouni gültig Entscheedung ass also gesetzlech verbueden. Hei sinn d'Kanner aus dem Précoce net betraff, well si nach net schoufflichteg sinn.

Verkéisersgaart

D'Verkéiserserzéiung am Norden gëtt vun der Police de la route vun Dikrech géréiert.

Fir mat de Kanner an de Verkéisersgaart beim Précoce kënnen ze goen, kann ee Kontakt mat der Police vun Housen ophuelen. D'Agente vun der Police komme fir d'éischt an d'Klass an erklären do an ee puer theoretesche Stonnen, wéi d'Kanner sech am Verkéier behuele sollen. Duerno kënnst nach eng theoretesch Stonn am Keller vum Précoce, wou d' Police ee speziell fir dës Aktivitéit ageriichte Sall huet.

Duerno da kënnen d'Kanner hiert Wëssen um Terrain beweisen a besichen de Verkéisersgaart.

Video-Opnamen

Videosopnamen aus dem Schoulalldag brauchen eng extra Erlaabnis an duerfen op kee Fall Online gesat ginn.



3. Deel : D'Personal am Iwwerbléck

- 1. Personal vun der Grondschoul**
- 2. Personal vum Foyer**
- 3. Personal vum Service Technique**
- 4. Inspecteur de l'arrondissement**
- 5. Personal vum NorTIC**

Personal vun der Grondschoul

Cycle 1

Team 1.1.

S
p
·
2



S
p
·
5



S
p
·
6



A
p
p
u
i



S
p
·
7



Cycle 1

Team 1.2.


S
p
·
1



S
p
·
3



A
p
p
u
i



S
p
·
4



Klass Logo

S
p
·
8



L
o
g
o
p
e
d

A
p
p
u
i



Cycle 1

Team 1.3

**P
r
é
c
-
1**



DRAUT Lynn



NOE Chantal

**A
p
p
u
i**



WEHRHAUSEN
Maryse

**P
r
é
c
-
2**



FRISING Monique



HAU Mandy



ROMIZIO
CARREIRAS
Sabrina

Cycle 2

Team 2A



Team 2B



Cycle 2

Team 2C



Team 2D



Cycle 3

Team 3A



Team 3B



Team 3C



Team 3D



Appui C3



Cycle 4

Team 4A



Team 4B



Team 4C



Classe à enseignement renforcé



Service socio-éducatif



Accueil



Foyer scolaire/Kannerhaus am Wëldpark

Chargée de direction/adjointe



Secrétaires



Pädagogesch Förderung

Educatrice graduée (en formation) Psychologue



Psychologue
(Remplaçante)



Gebai Foyer scolaire:

Grupp Minions (Cycles 2-3):



Grupp Fatzerten (Cycle 3):


SCHEITLER Marc



Grupp (B)Engelcher (Cycles 3-4):



Grupp Teletubbies (Cycles 3-4):



Grupp Drops (Resto/H.H.:Cycles 3-4):



Gebai Kannerhaus am Wëldpark

Grupp Kaweechelcher (Cycle 1):



Grupp Fräschen (Cycle 1):



Grupp Wëllefcher (Cycle 1):



Grupp Kaweechelcher (Cycle 2):



Grupp Hiesercher (Cycle 2):



Grupp Hamsteren (Resto/H.H.:Cycles 1-2):



Remplaçanten:





Accueil:



Service technique



NorTIC

